N°2683
Entrée le 29.07.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 30.07.2025
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28/07/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir den Interieur weiderzeleeden.**

D'Gemenge sinn zoustänneg fir d'Begriefnisser an den Ënnerhalt vun de Kierfechter. Normalerweis ass et esou, dass d'Leit an der Gemeng begruewe ginn, wou se wunnen. Et ginn awer Fäll, wou d'Leit an där Gemeng wëlle begruewe ginn, wou si sech zougehéireg gefillt hunn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Erlaabt d'Gesetz et, dass eng Persoun an enger anerer Gemeng ka begruewe ginn, wéi där wou se wunnt?
2. Ass et de Gemengen selwer iwwerlooss, ob si eng verstuerwe Persoun aus enger anerer Gemeng op hirem Territoire bäisetze wëllen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

N°2683
Entrée le 07.08.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro n°2683 vum 28. Juli 2025 vum honorabelen Députéierte Marc Goergen zum Sujet "Inhumation hors commune de résidence".**

**1. Erlaabt d'Gesetz et, dass eng Persoun an enger anerer Gemeng ka begruewe ginn, wéi där wou se wunnt?**

D'Gesetz vum 1. August 1972 iwwer d'Begriefnisser an d'Verbrennen vu Läiche gesäit am Artikel 4 just vir, dass Begriefnisser mussen op engem Kierfecht stattfannen ouni ze präziséieren ob et ee bestëmmte Kierfecht muss sinn.

**2. Ass et de Gemengen selwer iwwerlooss, ob si eng verstuerwe Persoun aus enger anerer Gemeng op hirem Territoire bäisetze wëllen?**

Déi Entscheedung ënnerläit der Autonomie vun de Gemengen.

Lëtzebuerg de 7. August 2025
Den Inneminister
(s.) Léon GLODEN